Op der Schock, *asbl stellt an:*

1 Ergotherapeut oder Heilpädagog (m/f/n), CDI 40 St./Woch fir eise Service Ressources

Missioun:

Am Service Ressources schaffs du zesummen an engem multidisziplinären Team. Du schaffs souwuel an Eenzelförderung mat eise Bénéficiairen, wéi och an der serviceiwwergräifender Koordinatioun vun der pedagogescher Aarbecht, wou's du d'Teams vun deene verschiddenen Servicer ënnerstëtz.

Zu denger Aarbecht als Ergotherapeut/Heelpedagog gehéieren:

- Förderung vu Mënsche mat intellektueller Beanträchtegung an der Eenzelbetreiung oder a Gruppen
- Ganzheetlech Förderpläng mat ausschaffen, konforme zu de sozio- pedagogeschen Zieler déi mat dem Bénéficiaire ausgeschafft goufen an zu de Prescriptioune vun der Flegeversécherung
- Des Förderpläng am Logiciel Vivendi uleeën, Informatiounen un d'Mataarbechter wei derginn an de Suivi vun der Dokumentatioun maachen.
- D'Kontroll vun de Prestatiounen déi am Kader vun der Flegeversécherung geleescht goufen an d'Virbereedung fir d'Facturatioun.
- De Suivi vum Logiciel Vivendi (Kontakt mam Prestataire, Formatioun vun de Mataar bechter, asw ...)

Qualifikatioun a Kompetenzen:

- Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom als Ergotherapeut oder Heelpedagog
- Freed an Engagement an der Aarbecht mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung
- Eng respektvoll, wohlwollend an léisungsorientéiert Haltung an der Aarbecht
- Gutt Kenntnisser vun der Flegeversécherung
- Gutt Kompetenzen an der Verschréftlechung an an der Erstellung vu Förderpläng
- Excellent Kommunikatiounskompetenzen (net wäertend, faktebaséiert, ...)
- Kapabel autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- Strukturéiert a koordinéiert Schaffen, gutt Zäitgestioun
- Liichtegkeet an der Aarbecht mat Logiciel'en, Kenntnisser vum Vivendi si vu Virdeel

Konditiounen:

- Salaire a Konditioune vum CCT SAS
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
- Führerschäi B
- Well dir mat Mënsche mat enger Beanträchtegung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 a 5) aus dem Casier judiciaire gefrot

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, **schéckt Är Demande**
(Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10 L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: **recrutement@ods.lu**

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach
Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

Tel: **00352 26 62 18 81 – 1** E-mail: **recrutement@ods.lu**